2016/1

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››




Commune de Sanem

# Inhalt


| | | |
|---|---|---|
| 3. | Editorial | - Vun eisem Direkter Här Alain WILLET |
| 4. | Konferenzen | - Kur fir betraffe Famillje |
| | | - ASA asbl. Amicale vun der Schoul fir Assistenzhënn |
| 5. | Infoe | - Fairtrade Zone |
| | | - Prix Luxembourgeois de la Qualité et de l'Excellence |
| 6.—7. | D'Equipe | vum Service Technique |
| 8. | Musical | ''Die Schöne und das Biest'' |
| 9. | Kanner aus der Primärschoul | |
| | | - Intergenerative Pädagogik |
| 10. | Jugendlecher am CIPA | |
| 11. | Jugendlecher am CIPA | |
| 12. | De Fausti am CIPA | |
| 13. | Sortien | - Emaischen |
| | | - Oktave |
| 14. | Nächst Fester | |
| 15. | Et hunn eis verlooss 2015/ 2016 | |
| | | - Soirée de commémoration |
| 16. | Moments | - Gebuertsdagsfeier |
| | | - Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016 |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | IMPRIMERIE CENTRALE |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' |
| | LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Bewunnerinnen a Bewunner aus dem CIPA REWA, léif Familljen, léif Mataarbechterinnen a Mataarbechter,

2015 war en excellent, mat vill zousätzlecher Aarbecht verbonnent Joer fir eise CIPA.

De vollen Asaz vum ganze Personal war gefuerdert, dee belount ginn ass mam *"Prix luxembourgeois de la qualité de l'Excellence"* mat der Mentioun *"sur la voie de l'Excellence"*. Mir sinn dat eenzegt Altersheim dat des Auszeechnung dréit, an dorobber kënne mer all zesummen houfreg sinn. Besonnesch gefreet huet mech d' Wieder vun de Responsabele vum "*Mouvement luxembourgeois pour la Qualité* et l' Excellence": Si hunn eis Aarbecht gelueft a virun allem eis Ambiance an eis Aart a Weis wéi mer zesumme schaffen. Ech wëll menge Leit op dëser Platz dofir villmools Merci soen.

Am Kader vun eisem Striewen no nohaltegen Zukunftsstrategie'en hu mir decidéiert, op Fairtrade Produit' en ëmzeklammen. Mir bidden divers Produit' en un ënnert dem Fairtrade Label. Op des Manéier hale mer souwuel sozial wéi och deelweis ökologesch Kriterie strikt an.

Eis Animatricen an Animateure ware ganz aktiv an hunn 2015 ëm déi 7000 ofwiesslungsräich Aktivitéiten ugebueden, déi si mat de Residente gemaach hunn. Fir jidderee war eppes dobäi, wou ee sech konnt investéieren oder einfach e schéine Moment erliewen.

De CIPA huet als Projet en eegenen Begleethond ze kréien, deen eis Bewunnerinnen a Bewunner wäert am Alldag begleeden. Fir dass mer eis alleguerten un d' Präsenz vun engem Hond op der Aarbechtsplaz gewinnen, kréie mer am Laf vum Joer 2016 e puermol Besuch vun engem anere Begleethond, deen mat eis schaffe kann. En Hond ass ganz ofgesi vun der Freed deen hien eis alleguerte wäert bréngen och eng Beräicherung an der Kommunikatioun well en hëlleft, d' Äis ze briechen tëschent eise Bewunner/Bewunnerinnen an dem Personal.

Mat eisem neie ''Projet d'orientation'' huele mer eis Bewunner a Bewunnerinne mat op eng Zäitrees duerch eis Gemeng. Heibäi gesi si op Fotoe verschidde Platzen erëm, déi si schonns laang kennen, wou se vläit déi eng oder aner Erënnerung hunn, am Wandel vun der Zäit – wéi war et fréier, wéi ass et haut?

Eng Première wäert eis Kiermes sinn, déi mer vum 1. bis den 3. Juli 2016 op der Place Marcelle Lentz-Cornette organiséieren. Verschidde Stänn waarden do op Iech mat de verschiddensten Attraktiounen an Animatiounen.

Schlussendlech wëll ech vun dëser Geleeënheet profitéiere fir Iech an Ärer Famill
Alles Guddes an eng gutt Gesondheet fir 2016 ze wënschen.

Alain WILLET

# Konferenzen

## Kur fir betraffe Familljen

D' Zieler vum Kur fir betraffe Familljen.
Wann e Mënsch un der Alzheimer Krankheet oder enger anerer Form vun Demenz erkrankt, bréngt dat eng ganz Réi vu klengen a grousse Verännerunge fir d' ganz Famill an d' soziaalt Ëmfeld mat sech. D' Betreiung vun engem Familljemember oder enger Persoun aus dem Bekanntekrees mat Alzheimer/ Demenz stellt eng grouss kierperlech an emotional Erausfuerderung duer.
D' Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer ass zënter 25 Joer Uspriechpartner fir betraffe Familljen. Am Kur fir betraffe Famillje ginn Persounen déi sech ëm d' Betreiung an d' Versuerge vun enger Persoun mat Alzheimer/ Demenz am häuslechen Ëmfeld këmmeren, ëmfaassend iwwert d' Krankheet informéiert an ob déi Erausfuerderungen, déi d' Betreiung vun enger Persoun mat Alzheimer/Demenz mat sech bréngt, virbereet.
De Kur gëtt Iech d' Méiglechkeet, Äntwerten ob är Froen ze fannen an Iech mat anere betraffene Familljen auszetauschen.
Eent vun den Haaptziler am Kur ass et, Iech Verständnis fir déi verschidde Verhalensweise vun der erkrankter Persoun ze vermëttelen, a ganz vill Praxistipps ze ginn, fir den Alldag mat der erkrankter Persoun zesummen ze meeschteren. www.alzheimer.lu

Konferenz a Collaboratioun mam Service Senior + ass **Donneschdes, den 14.04.2016 um 19:30 Auer am Festsall vun der Gemeng Suessem**

---

## Begleethënn am CIPA

## ASA asbl. Amicale vun der Schoul fir Assistenzhënn

**En Assistenzhond am soziale Beräich fir dement Persounen an den Dages-Foyeren.**
Eist Ziel ass et de spontane Kontakt mam Hond virzebrénge fir dem Isolement entgéint ze wierken an sou d' Wuelbefannen ze stäerken.
Den Asaz vun den Hënn erméiglecht et den demente Persounen hir sozial Integratioun ze förderen duerch d' Präsenz vun den Hënn an hier Fäegkeeten Ännerungen ze bewierken.
Eis Amicale ass gegrënnt ginn andeems mir Fonge sammelen:

- Fir eng Zesummenaarbecht tëschent den Assistenzhënn am soziale Beräich an den Handi'Hënn.
- Fir d' Erzéiung vun den Assistenzhënn ze finanzéieren duerch d' Handi'Hënn.
- Fir Therapie an Animatioun a Präsenz vum Déier ze ënnerstëtzen.

Am fräiwëllege Beräich:

- Aktivitéite mat den Hënn an den Altersheemer
- Aktivitéite mat den Hënn an de Fleegeheemer
- Aktivitéite mat den Hënn an de Foyere mat behënnerte Persounen.

http://www.assistenzhonn.com/



Konferenz ass am **Oktober 2016** am Festsall vum CIPA
**Eng Invitatioun mat genauen Detailer kennt no.**

# Infoe

CIPA Résidence
## « Op der Waassertrap »

Dee schéine Restaurant vun der Résidence « Op der Waassertrap » vu Suessem ass fir de Public op a bitt sech un fir en agreabele Moment mat der Famill ze verbréngen.
Nom Menü vum Restaurant  oder no engem klenge Snack aus der Cafeteria, kënn dir e gudde Kaffi oder Téi
aus fairem Handel genéissen, a vläit sinn eis Fairtrade Banannen dat richtegt fir matzehuelen.



Fairtrade ZONE

FAIRTRADE LËTZEBUERG

www.fairtrade.lu

Certificat

FAIRTRADE LËTZEBUERG a.s.b.l. déclare

Restaurant-Cafétéria

CIPA – Résidence op der Waassertrap

Fairtrade Zone

pour l'année 2015

Roodt-sur-Syre, le 07. 10. 2015

www.fairtrade.lu

Le beau restaurant ouvert au public de la résidence « Op der Waassertrap » à Sanem permet de passer un moment agréable en famille. Après le menu au restaurant ou
un petit snack à la cafétéria, vous pouvez y déguster un bon café ou thé issu du commerce équitable et faire le plein de  vitamines avec des bananes Fairtrade.

Adresse : 60, rue Waassertrap | L-4408 Belvaux | www.cipa-sanem.lu

---

Prix Luxembourgeois de la **Qualité et de l'Excellence**

Le CIPA a reçu le Prix Luxembourgeois de la Qualité et de l'Excellence, le 20.11.2015 avec la Mention "sur la voie de l'excellence"





2015

PRIX LUXEMBOURGEOIS
DE LA QUALITÉ ET DE L'EXCELLENCE

MENTION « SUR LA VOIE DE L'EXCELLENCE »


CIPA
Résidence op der Waassertrap


# D'Equipe vum Service Technique



Um Rez-de-chaussée vum CIPA verstoppt sech e klenge Service,
d' Equipe vum **Service Technique**.
E besteet aus 4 Leit, dem Christian, dem Marco, dem Zachary an hirem Responsabel dem Cyril Turpel.
Vun hinnen ass dagsiwwer ëmmer een do. Och um Weekend!
D' Equipe vum Service Technique hunn eng grouss Palette un Aufgaben. Si sinn Usträicher, Elektriker, Mecanicien, Schräiner, Gäertner, Chauffer an nach vill méi.
Si këmmeren sech all Dag ëm déi kleng a grouss Reparaturen am an ëm de CIPA. Sief et ëm eng Dier déi quiitscht oder eng Heizung déi net geet.
All Moie pénktlech ëm 8 Auer sinn si schonns um Tour fir d' Leit aus dem Foyer du Jour sichen ze goen. A no engem flotten Dag hei am CIPA bréngen si se erëm ëm 4 Auer heem.
An der Mëttesstonn gëtt och de ‚Centre de Formation pour Conducteurs' vu Suessem vum CIPA mat engem gudde Mëttegiesse versuergt. Mat vollem Mo léiert et sech einfach besser. An och dat gëtt dat vun eisem Service ausgeliwwert.
Och bei de grousse Fester paken si kräfteg mat un a bauen de Festsall oder Zelter op. Si maachen hiert Bescht fir déi aner Servicer am Haus ze ënnerstëtzen, dass déi anstänneg schaffe kënnen.


Christian




Zachary




Marco





Ma och fir ons Bewunner sinn si do. Ass eppes futti oder geet eppes net esou wéi et soll, da brauch dir just an der Receptioun Bescheed ze soen, fir dass äert Uleies un de Service Technique weidergeleet gëtt. D' Equipe gëtt alles drun fir schnellst méiglech alles an d' Rei ze bréngen.

Cyril Turpel











Cyril Turpel

# Musical

Die Schöne und das Biest







Mir hunn Sonndes, den 11. Oktober 2015 mat e puer Leit aus dem CIPA beim Musical ''Die Schöne und das Biest'' deelgeholl.

Claudine Menghi huet Prouwe geleet a war Dirigentin bei de Lidder mat de Glacken an de Boomwhackers. Eis Leit huet et richteg Freed gemaach derbäi ze sinn. En plus haten si Kontakt mat anere Senioren a mat de Kanner aus der Primärschoul.

Eng flott nei Erfahrung fir jiddereen.



# Kanner aus der Primärschoul



Dëst Joer waren d'Schoulkanner aus der Schoul Bieles Post bei eis am CIPA. Zesumme mat eise Senioren hu mir mat de Kanner gebastelt, gesongen a Geschichten erzielt. Grouss a Kleng hate richteg Freed un deenen Treffen.







**Intergenerative Pädagogik**
**Jung und Alt gemeinsam aktiv**
Vor allem Kindertagesstätten und Altenhilfeeinrichtungen haben die Idee der intergenerativen Pädagogik in der Praxis längst aufgegriffen und führen die beiden Generationen an den Altersrändern unserer Gesellschaft in spannender Projektarbeit zusammen.
Es hat sich herausgestellt, dass der regelmäßige Kontakt zwischen Kindern und Senioren nicht nur den institutionellen Alltag in den Einrichtungen bereichert, sondern auch zu einem neuen gegenseitigen Verständnis der beiden Generationen führt.
Sozialpädagogen, Erzieherinnen und Betreuer/Pflegekräfte sind sich darin einig, dass die kontinuierliche Beziehungsarbeit zwischen jungen und alten Menschen für beide Seiten eine enorme Bereicherung darstellt: Sie stabilisiert die Identität von Senioren und steigert ihre Lebensfreude. Kinder wiederum erleben mit den alten Menschen, etwa durch Erzählungen und alte Lieder, Bereiche und Facetten des Lebens, die ihnen sonst verschlossen blieben. Die kindliche Phantasie wird angeregt und erhält neue Impulse, während den alten Menschen wichtige Erfahrungs - und Lernprozesse ermöglicht werden. Senioren, die in Altenheimen versorgt werden und in den Einrichtungen häufig die Verbindung zur Außenwelt verlieren, können durch den regelmäßigen Kontakt zu Kindern leichter den Bezug zum heutigen Leben erhalten. Sie bleiben auf diese Weise aktiv und müssen sich mit neuen Gegebenheiten, wie etwa mit zeitgemäßen Erziehungsweisen, auseinandersetzen. Sie lernen dabei, eigene Vorstellungen zu hinterfragen und sich auf den heutigen - weniger autoritären - Umgang mit Kindern einzustellen. Genau diese geistige Mühe, eigene Anschauungen zu überprüfen und gegebenenfalls zu revidieren, beschreiben Altenpfleger/innen als erstaunlich dynamisierend für alte Menschen. *www.kizz.de*


# Jugendlecher am CIPA



Aus dem **Lycée Technique vu Lalleng** hunn Studente vun der 13ième Commerce fir hier Ofschloss Joer e Projet misse realiséieren.
Si hunn zu 4 Jugendlecher mat de Leit gestept.

Bei Aerobic **STEP** wird eine Choreografie auf einem Step, einer kleinen Fußbank, zu Musik gezeigt.



D'Leit hu virum Cours e flotten T-Shirt kritt, an dunn ass et lass gaang. Jiddereen huet matgemaach an et ass vill gelaacht ginn. An de Pause gouf et eppes ze drénken an nom Cours hu d' Residenten an de Jonker zesumme Kuch giess.
Den Dag drop hat deen een oder anere Muskelkater, mee de Souvenir un den Nomëtteg war ganz positiv.



# Jugendlecher am CIPA

Während ongeféier engem Trimester si 7 Studenten aus dem **Lycée Belval** Dënschdes nomëttes an de CIPA komm. Mam Zil Erfahrungen am Beräich Altersheem ze sammele fir hier Ausbildung als Auxiliaire de vie. Si sinn zu zwee an zwee a verschidden Ateliere gaang. Keramik, Quiz, Gesellschaftsspiller, Turnen, Sangen stoungen um Programm ! Si hunn sech all déck dru ginn an hunn e flotte Kontakt mat eise Residenten opgebaut. Hei nach e puer Wuert déi si geschriwwen hunn.

Ich bedanke mich von Herzen, dass ich einen Einblick in das Berufsleben des Altersheims bekommen habe. Beeindruckt hat mich, dass eine Seniorin, die ich nie reden hörte, an einem Nachmittag mit mir gesprochen hat.

Ich danke Ihnen, dass ich erleben konnte, dass ein Altersheim ein Haus ist in dem ältere Menschen sich wohlfühlen, Freude am Leben und Spaß haben. Ich hatte am Anfang eine andere Vorstellung von einem Altersheim.

Ich bedanke mich, dass ich mit euch viele schöne Momente erleben konnte, z.B. das Zusammenarbeiten mit den Senioren im Keramikatelier hat mir viel Spaß gemacht.

Ich wollte mich sehr herzlich bedanken, dass wir von Ihnen eingeladen wurden und viele neue Erfahrungen mit Ihnen teilen konnten.

Herzlichen Dank, dass ich das Vergnügen hatte neue Erfahrungen zu machen. Es war das erste Mal, dass Mal, dass ich ein Gesellschaftsspiel mit Senioren spielen konnte und hätte ich das Glück gegen Profis zu gewinnen.

Einen lieben Dank, dass ich die Chance hatte Erfahrungen mit euch zu teilen und für diesen Beruf viel lernen durfte. Gelerntes in der Praxis zu erleben ist ein schönes Gefühl.

Ein großes Dankeschön an die Senioren und an das Personal, dass sie uns immer so herzlich aufgenommen haben. Das unangenehme Gefühl, das ich anfangs hatte konnte durch Gespräche mit den Mitarbeitern gelindert werden.

Es war für uns eine sehr tolle Erfahrung mit den Senioren der Einrichtung einen Teil ihres Alltags verbringen zu dürfen. Für die meisten von uns war es das erste Mal mit Senioren Aktivitäten machen zu können. Am Anfang waren viele von und unsicher und hätten ein wenig Angst. Heute aber sind wir froh, dass wir an diesem Projekt teilnehmen durften.




Was wir im Seniorenheim erlebt haben, war immer sehr interessant und spannend. Jede Woche haben wir neue Sachen dazulernt.

# De Fausti am CIPA





**Méindes, den 30. November 2015** hu mir am Kader vun eise wöchentleche Film–Projektiounen de Film "FAUSTINO One man show" gewisen.
Als Special Guest hate mir de Fausti invitéiert. Nom Film ass hien als Jos, dee Neien aus der Kichen, virgestallt ginn. D' Leit haten awer séier spatz, dass de Fausti virun hinne







stoung. Eng ganz Partie Leit hunn hie vu fréier kannt. Deen een aus der Musekszeen , deen aneren als fréiere Noper. Bei Kaffi a Kuch ass zesumme gesonge ginn.
Et war eng häerzlech Begéinung mat engem lëtzebuerger Prominenten.








***FAUSTINO***

ONE MAN SHOW

In der Dokumentation werden die Zeitabschnitte der 60-jährigen Karriere Faustis mal ernst, mal sehr humorvoll dargestellt. „Ein witziger Film um eine witzige Person schien mir der richtige Weg zu sein.“

---

# Sortien



Mir fueren zesummen op d’

## Emaischen an d’Stad

Méindes , den 28.03.2016

Halt iech deen Datum mol fräi.

Mir fueren och dëst Joer nees zesummen an d’

## Oktave



Dëst Joer ass se vum 16.04.2016–01.05.2016.
Déi genau Datume fir d' Sortie kritt dir mat Zäite matgedeelt. Wann der Froen hutt da wennt iech w.e.g. un d’ Marie-Paule Muller aus der Animatioun.



# Ouschterbazar

## Sonndes, den 20. Mäerz 2016






Samschdes, den 25. Juni 2016 e Concert mam Grupp ''Russische Seele'' ëm 15:00 Auer am Festsall vum CIPA.

Samedi, le 25 juin 2016 un Concert avec le groupe ''Russische Seele'' à 15:00 heures dans la salle des fêtes au CIPA.

## Nächst Fester:

| | | |
|---|---|---|
| 20. | Mäerz 2016 | Ouschterbazar / Bazar de Pâques |
| 16. | Abrëll 2016 | Concert Chorale Heischbourg |
| 01. | Mee 2016 | Meekranz |
| 12. | Juni 2016 | Mammendagsfeier/ fête des mères |
| 25. | Juni 2016 | Concert—Russische Seele |

## 1.– 3. Juli 2016 Kiermes

Nei

# Et hunn eis verlooss 2015/2016:

| | |
|---|---|
| M Krecké Frédéric | +27/10/2015<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| Mme Demany Lucienne | +08/11/2015<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme Schumacher Marie | +13/11.2015<br>AM ALTER VUN 107 JOER |
| Mme Huberty Marguerite | + 06/12/2015<br>AM ALTER VUN 79 JOER |
| Mme Digrelle Thérèse | + 29/12/2015<br>AM ALTER VUN 78 JOER |
| Mme Ries Marie | + 06/01/2016<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme Bley Marie | + 08/01/2016<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| M Mangen Jean | + 04/02/2016<br>AM ALTER VUN 86 JOER |




## Soirée de Commémoration Freides, den 29.01.2016

Wei och d' läscht Joer hate mer dëst Joer eng Gedenkfeier fir ons verstuerwe Residenten aus dem Joer 2015. Nodeems den Här Gilniat, den Här Wahl an ee Member vum ''Palliatifgrupp'' ee puer Wuert geschwat haten, ass eise Gäscht eng ''Steele'' presentéiert ginn. Si kennt an de Gaart nieft di aner stoen an op hier ass den Numm vun all Verstuerwen aus dem Joer 2015 vermierkt. Während der ganzer Zeremonie sinn am Hannergrond Fotoe gewise ginn, bei munche gouf geschmunzelt, bei aneren ass eng Tréin gelaf an et si bei jidderengem Erënnerungen opkomm.










Fir den Owend opzeronnen, konnt bei engem klenge Patt an e puer Amuses-bouche, en Austausch tëscht den Leit statt fannen.

Et war en Owend mat villen Emotiounen.

# Moments


## Gebuertsdagsfeier Januar 2016











| | |
|---|---|
| 75 JOER: | FRANZEN-LEINENWEBER ELISE |
| 80 JOER: | KÜHN DE TOGNI JOSEPHINE , POMPERMAIER PIERRE, MÜLLER JAQUES, IRRTHUM GUY |
| 85 JOER: | PISCITELLI-BRUZZESE ELENA, TRAVAGLIATI LUCIA, FOGEN-AUDRIMONT MARIE JOSEE, BECKER-BERCHEM OCTAVIE, NERO JOSEPHINE, BARTHEL ROGER |
| 90 JOER: | DOCKENDORF-GABARD MARIE-THERESE, CLEMENT JEANNE, GREISCH-GEIMER ODILE, EWEN-THOMAS MARIANNE, BRISBOIS-WEINACHT ODILE, ETTELBRUCK-HAMMANG MARIE, WEBER-MELAN OTTILIE |
| 95 JOER: | GILNIAT-SCHMIT LEA , TOUSSING-SCHULER LUCIE |

## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016

### Bienvenu aux nouveaux collaborateurs 2016

| | | | |
|---|---|---|---|
| DELVAUX | Linda | 16/10/2015 | BF1 |
| DE WAHA-WEITEN | Mireille | 01/11/2015 | Accueil & Réception |
| CHELI | Laurence | 01/11/2015 | BF2 |
| MEDINA TERRERO | Sachary Ariol | 15/11/2015 | Technique |
| BAUSCH | Julie | 16/11/2015 | Restaurant |
| PIERRON | Sébastien | 01/12/2015 | Cuisine |
| SCHMIT | Jasmine | 16/12/2015 | Restaurant |